Léif Matbierger aus der Gemeng Réiden.

Als Zenterchef vun der Protection Civile Réiden, well ech de Kropemann-Info benotzen fir iech op eise Problem opmierksam ze maachen. Obwuel mir eng grouss Équipe sinn, feelen eis Mataarbechter déi am laf vum Dag Zäit hun fir den Ambulanzendéngscht ze assuréieren.
Eis Responsabilitéit géigeniwwer eise Matbierger ass, fir hinnen an all Noutsituatiounen ze hëllefen. Et ginn och erfreelech Momenter ewéi z.B. Kollegialitéit an der Équipe, positiv Resultater géigeniwwer den Patienten. Vum Ambulancier vun der Protection Civile gëtt vill Asaz a Verantwortung verlaangt. Et ass ee schéint Gefill ze wëssen,“ Ech hunn engem Mënsch gehollef oder souguer d’Liewe gerett “.
Mir maachen eis Aarbecht fräiwëlleg, a leider ginn et ëmmer manner Läit déi hëllefe wëllen. Sécher ass dat ganzt mat Verpflichtung verbonnen ewéi z.B regelméisseg an seng Couren ze kommen, déi all zweet Woch ongeféier während 1½ Stonn ofgehale ginn.
Mir sinn am Moment eng flott Équipe vun ongeféier 53 Leit, déi voller Energie stécht, déi ee ganz grousse Wellen huet, awer nach vill Ënnerstëtzung vun Iech alleguer brauch. Fir kenne matzemaachen, muss een e puer Konditiounen erfëllen.
Sidd dir minimum 16 Joer aal, an hutt en Éischt Hëllef Diplom, da sidd dir bei eis wëllkomm.
Am Ufank gehéiert nach eng Ausbildung derbäi, éiert dir mam Ambulanzendéngscht matfuere kënnt. Denkt un är Matmënschen, an hëlleft eis Hëllefen. Nëmmen zesumme si mir staark.

Bei weider Froen, sinn ech all Moment ze erreechen,
☎00352 621 49 70 00 de Lima Louis (Zenterchef) *De Lima Louis*